# Réckschrëtt, Stëllstand oder Fortschrëtt fir de Norden?

TEXT & FOTOS ROMAIN PLÜMER

Virun e puer Wochen huet de Minister Fran ois Bausch zwee Projeten betreffend d´Stroosseninfrastrukturen op der N7 virgestallt:

- d´Verbesserung vun der Sécherheet op der N7 an

- d´Ëmgehungstrooss vun Housen.

Wat lo richteg oder falsch resp. gutt oder net gutt un deene Moossnamen ass, do wäerten d´Meenungen oft gedeelt sinn a wäit auserneeleien.

Den Norden huet zwou Haaptverkéiersstroossen, déi de Réckgrat vun der wirtschaftlecher a kultureller Entwécklung sinn:

- d´**N7** an d´**Eisebunnsstréck**.

De Minister bréngt ëmmer rëm d´Thema vun enger Autobunn an de Norden an d´Diskussioun a versicht ze beweisen, datt den Terrainverbrauch an den Agrëff an d´Natur net ze verantworte wären. Herr Bausch: Am Norden wëllt keen eng Autobunn, neen, mir wëllen eng véierspureg Strooss mat enger duerchgehender Maximalvitesse vun 110 k/h, net méi an net manner.

Zu Äerem Projet Herr Bausch stelle sech eng Rei Froën:

Wéi zukunftsträchteg ass den Invest vu 400 Mio. Euro déi di zwee Projete solle kaschten?

Ginn déi Ënner- an Iwwerféierunge sou gebaut, datt ee spéider - wann iwwerhaapt - ouni groussen Opwand déi Strooss véierspureg kann ausbauen?

Bedauere muss een lo schon, datt d´B7 vu Colmer-Bierg bis op de Fridhaff net véierspureg ausgebaut gëtt, an och spéider anscheinend keng Méiglechkeet besteet fir dëst ze realiséieren, trotzdem gewosst ass, datt zënter 2013 de Verkéier op der Strooss em 30 % zougeholl huet an och op der N7, wéi iwwerall, weider wäert zouhuelen!

Positiv an Äerem Projet – et ass jo ni alles negativ ! – ass d´Securisation vun der N7 duerch eng Leitplank an der Mëtt a keng Lénksofbéier méi.





Obschon d´Strooss an deene leschte Joren ëmgebaut ginn ass fir d´Norm vun enger Dräibunn-Strooss ze erfëllen, gëtt se lo nach 5 m méi breet gemaach an d´Vitesse vun 110 op 90 km/h rofgesat op der ganzer Stréck.

Firwat net einfach nach 1 m méi breet bauen fir eng véiert Spur?

D´Mëllechmeederchersrechnung wéivill Sekonnen Zäitdifferenz d´Vitesse vun 110 km/h an 90 km/h op der ganzer Stréck ausmécht, ass just Theorie.

D´Praxis gesäit an Zukunft anescht aus: d´Camione fueren mat 80-85 km/h, d´Busse mat 90 km/h sou datt et onméiglech ass déi nach ze iwwerhuelen.

An der Houschterdéckt wäert d´Vitesse op 50 km/h rofgesat ginn, da leeft de Verkéier do schon openeen. Dann de Rondpoint Schinker, de Rondpoint Housen, de Rondpoint Maarnech – a wou sinn der nach virgesinn - : Dat gëtt ee Getuckers sonnergläichen. An dat op enger Strooss déi sech Europa-strooss E421 nennt!

Positiv ass de Bau vun der Ëmgehungsstrooss Housen mam Tunnel mat zwee Réier mat jeweils 2 Spuren.

Wéi de Rondpoint Schinker deemols gebaut ginn ass, gouf versprach, datt dat sollt just provisoresch sinn, a mëttelfristeg aner Léisunge gesicht géifen!!!

Wéisou ass laangfristeg keng Ëmgehungsstrooss fir d´Houschterdéckt virgesinn? Soss bleift dat ëmmer een "Nadelöhr".

Wéi ass dat mat de « véhicules lents » wéi z.B. landwirtschaftlech Maschinnen ? De Minister Bausch huet an der Versammlung am CUBE 521 den 19. Juni 2018 versprach, hee géif beim Ausbau vun der N7 dofir Léisunge virstellen! Wou sinn dann déi Léisungen?

Dass dann och nach Strecke-Radaren wäerten installéiert ginn, seet de Minister eis lo mol nach net!

Wat bréngt eng Velospist laanscht eng N7 a laanscht eng Eisebunn vun Ëlwen op Klierf? Am Norde wäerte net vill Leit sou Piste kënne benotzen fir mam Velo vun Huldang op Klierf oder an d´Nordstadt op d´Schaff oder an d´Schoul ze fueren.

Et ass am Norden bestëmmt keen géint eng Velospist déi zu dem Zweck genotzt gëtt wuerzou se Sënn mecht: Tourismus a Fräizäitaktivitéiten, an dofir sollen déi Pisten attraktiv an ongeféierlech gestalt ginn. Eist Éislék huet landschaftlech, touristesch a kulturell souvill ze bidden, abseits vun enger N7 an engem Eisebunnsgleis voller Geforen!

Et ass scho ganz komesch, wa verschidde politesch Parteien fuerderen, datt d´Nordstreck rëm misst zweegleiseg ausgebaut ginn fir den öffentlechen Transport ze optiméieren, an am selwechten Otemzuch fuerderen, eng Velospiste vu Klierf op Ëlwen am Bett vum zweete Gleis ze installéieren. Domat wier da sécher gestallt, datt di nächst 20-30 Joer keen Ausbau vun der Nordstreck ka realiséiert ginn!

Den Timing fir all déi Projeten bis 2026 ze realiséieren ass fir mech utopesch an illusoresch! Et brauch een dofir nëmmen de Projet "Transversale Klierf" ze kucken! Ech fäerten, et gëtt eppes gebaut, wat schon iwwerholl ass éier et fäerdeg ass.

Ma virwat da kloen, et gëtt dach schliesslech eppes fir d´Nordspëtzt gemat …

Ob déi geplangte Projeten nun Fortschrëtt, St llstand oder awer Réckschrëtt bréngen, dat ass schwéier ze wëssen.

Jiddefalls däerfe mer net zréckfalen an d´Iwwerzeegungen vu viru 40-50 Joer: E bëssen Tourismus mat e bëssen Agrarwirtschaft douewen am "Département des Forêts " wäert et scho bréngen! Nee merci.

